

Groupe parlementaire

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture	8
Référence : 178/24	
- 7 MARS 2024	
A traiter par : Här President, Copie à :	

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 6. Mäerz 2024

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Nieft dem Landwirtschaftsministère selwer, ginn et och nach eng Rei Servicer, ewéi den SER (Service d'Economie Rurale), d'ASTA (Administration des Services Techniques del'Agriculture) an d'Veterinärsinspektioun, déi dem besote Ministère ënnerstinn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Kann d'Madamm Minister de Personalbestand vum Landwirtschaftsministère opschlësselen? Wéi vill Persoune schaffen hei Vollzäit a wéi vill Deelzäit?
2. Kann d'Madamm Minister de Personalbestand vum SER opschlësselen? Wéi vill Persoune schaffen hei Vollzäit a wéi vill Deelzäit?
3. Kann d'Madamm Minister de Personalbestand vun der ASTA opschlësselen? Wéi vill Persoune schaffen hei Vollzäit a wéi vill Deelzäit?
4. Kann d'Madamm Minister de Personalbestand vun der Veterinärsinspektioun opschlësselen? Wéi vill Persoune schaffen hei Vollzäit a wéi vill Deelzäit?
5. Wéi huet sech de Gesamt-Personalbestand déi lescht 10 Joer beim Landwirtschaftsministère, beim SER, bei der ASTA a bei der Veterinärsinspektioun a Prozenter ausgedréckt entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 432 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen

Froen 1 bis 5: Personalbestand vum Ministère, vum SER, vun der ASTA an vun der ALVA esou wéi d' Entwécklung iwwert déi lescht 10 Joer.

Personalbestand op den 31/12/2023						
	Unzuel vun Agenten	dovunner Vollzäit	dovunner Deelzäit	ETP	Entwécklung vun der Unzuel vun Agenten zwëschen dem 31/12/2013 an dem 31/12/2023	Entwécklung vun den ETP zwëschen dem 31/12/2013 an dem 31/12/2023
Ministère	74	52	22	65.48	34.55%	45.90%
SER	107	75	32	95.33	94.55%	101.76%
ASTA	151	105	46	132.78	-4.43%	-4.98%
ALVA	104	71	33	92.15	136.36%	131.82%

Iwwert déi lescht zéng Joer ass d'Entwécklung vum Personalbestand an der Haaptsaach duerch nei an zousätzlech Missiounen ze erklären:

- den deemolege Ministère vum Konsumenteschutz ass Enn 2023 am Ministère vu Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau als nei "Direktioun fir Konsumenteschutz" integréiert ginn;

- de Service d'économie rurale huet ënner anerem de Service Comptabilitéit a Gestiou vum der deemoleger "Agrigestion", d'Gestiou vum de landwirtschaftlechen Ëmwelt- a Klimaschutzmoossnamen esou wéi d' Kontrollunitéit (Unité de Contrôle) iwwerholl;

- bei der Grënnung am Joer 2022, si Servicer vun aner besteeënde Ministère (dem fréieren Landwirtschaftsministère, dem fréieren Konsumenteschutzministère an dem fréieren Gesondheitsministère) an di nei Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) iwwerdroe ginn (dorënner déi fréier Administration des services vétérinaires (MA-ASV), de fréieren Service vun der Fuddermëttelkontroll (MA-ASTA) de fréieren Liewensmëttelkommissariat (MPC-ComAlim) an de fréieren Service vun der Liewensmëttelsécherheet (MS-DirSan).

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN